N°3801
Entrée le 27.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Claude Meisch, Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°3801 vum 19. Mäerz 2026 vum honorablen Här Deputéierte Marc Goergen betreffend dem Wunnprojet Kiem 2050.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert de Wunnprojet Kiem 2050. Follgend Informatioune goufe vum Fonds Kirchberg un de Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten iwwermëttelt.

*<u>Fro 1: Ass virgesinn, datt déi 124 Appartementer, déi de Fonds Kirchberg am Kader vum Projet Kiem 2050 opkaaft huet, an Zukunft verkaf oder ganz oder verlount ginn?</u>*

De Projet Kiem 2050 ass aktuell am Bau, mat enger viraussiichtlecher Fäerdegstellung a Phasen tëscht Enn 2027 an Ufank 2028.

D'Initiativ fir de Wunnprojet Kiem 2050 schreift sech an e méi breede Kontext an, an deem déi ëffentlech Hand eng ëmmer méi wichteg Roll an der aktueller Logementskris spillt – eng Kris, déi besonnesch am Beräich vun de VEFA-Projeten (Vente en état futur d'achèvement), akut ass.

Änlech ewéi bei der ëffentlech-privater Initiativ vu ProLog, ass d'Zil vum Fonds Kirchberg fir duerch seng Interventioun de Start vum Bau vum Projet ze erméiglechen an esou dofir ze suergen datt neie Wunnraum geschaf gëtt. Dozou kënnt, datt um Maart den Ament festgestallt gëtt, datt eng Wunneng ëmsou méi attraktiv fir Keefer ass, jee méi no si un hir Fäerdegstellung kënnt. Mat senger Interventioun fungéiert de FUAK also als eng Aart „Kickstarter" fir de Projet Kiem 2050.

D'Prioritéit vum Fonds Kirchberg ass et hei fir de Stéit den Accès zum Eegentum z'erméiglechen. Et geet also drëms d'Wunnengen am Bau oder fäerdeg ze verkafen – an dat ouni Marge.

Falls Wunnengen net verkaf sollte ginn, gesäit de Fonds Kirchberg net vir, fäerdeg Wunnengen ouni Bewunner stoen ze loossen. Dofir gëtt d'Optioun envisagéiert, net verkaafte Wunnengen ze verlounen.

Vu d'Situatioun um Immobiliemaart, huet de Fonds Kirchberg zwou Rentabilitéitsstudien duerchgefouert. Och wann d'Appartementer net verkaf, mee verlount ginn, bleift de Projet fir de Fonds Kirchberg rentabel.

*Fro 2: Wéi vill vun dësen 124 Appartementer sinn zanter dem Opkaf schonn un nei Proprietairen verkaaft ginn?*

Et soll preziséiert ginn, datt de Projet am Ganzen 148 Wunnengen ëmfaasst. De Fonds Kirchberg keeft systematesch 10 % vun de Wunnengen, fir se als bezuelbar Locatioun unzebidden. Sou goufen, Stand vum 19. Mäerz 2026, 13 Wunnengen direkt vun Ufank un duerch de Fonds Kirchberg fir dësen Zweck opkaf. Vun de reschtlechen 135 disponibele Wunnengen si schonn 11 verkaf ginn.

Et soll och drun erënnert ginn, datt d'Vermaartung vun dëse Wunnengen am Kader vun der VEFA an engem allgemeng ofsetzschwaache Maart stattfënnt. De Fonds huet am Februar 2026 eng europäesch ëffentlech Ausschreiwung lancéiert, fir d'Verkafsbeméiungen ze verstäerken an d'Aufgab vun der Vermaartung un zwou Agencen ze verginn. D'Offere si erakomm a ginn aktuell analyséiert.

*Fro 3: Wéi vill vun dësen 124 Appartementer sinn zënter dem Opkaf schonn un nei Proprietairen verlount ginn?*

D'Wunnenge sinn aktuell am Bau a wäerten eréischt bei der Liwwerung bewunnbar sinn. Ewéi scho geschriwwen, läit d'Prioritéit vum Fonds Kirchberg doran de Stéit den Accès zum Eegentum z'erméiglechen - deemno beim Verkaf vun de Wunnengen.

*Fro 4: Falls dës Appartementer nach net verkaaft oder verlount goufen, wéi vill dovunner stinn aktuell eidel?*

D'Wunnenge sinn nach ëmmer am Bau, an aktuell kann nach keng Wunneng bewunnt ginn. Et kann also keng Ausso zu Leerstand gemaach ginn.

Lëtzebuerg, de 27. Mäerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes